PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.**

Zanter Jore scho freet den COSL fir sech a fir déi agreéiert Sportfederatiounen néi Raimlechkeete, well d'Maison des Sports op der Arelerstross scho laang ze kleng ass an den haitegen Usproch net méi gerecht gëtt. Viru Joren huet déi deemoleg Regierung schonn no Raimlechkeete fir eng néi Maison des Sports gesicht. An der Lescht gouf och vill an der Lëtzebuerger Sportswelt doriwwer spekuléiert. An enger Reunioun vum Sportminister mam COSL Ufanks Januar 2025 gouf dëse Sujet erëm thematiséiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gëtt et entretemps eng konkreet Pist fir eng néi Maison des Sports?
    - Wa jo, wou soll dës hikommen?
    - Wann jo, wéi héich sinn d'Käschte fir déi néi Gebailechkeeten?
2. Bléift et dobäi, dass de Staat d'Käschte fir déi nei Maison des Sports iwwerhëlt an sech och weiderhin un de Fonctionnementskäschte bedeelegt?
3. Wäert och den LIHPS hei ënnerdaach kommen an dann och deem seng Käschte weiderhin integral vum Staat ofgedeckt ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten